PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Wirtschaft & Wunnéngsbau weiderzeleeden.

D'Logementskris zu Lëtzebuerg kennt vill Verléierer. Si kennt awer och vill Gewënner. Ënnert hinne fannen sech d'Immobilienagencen, déi sech fir all Vente eng Kommissioun sécheren. Dës Kommissioun ass am ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 20te Januar 1972 fixéiert:

> *"Le maximum de la commission d'intermédiaire pour les ventes d'immeubles jusqu'à concurrence d'un prix de vente de 12.500 euros est fixé à 375 euros.Pour les ventes dont le prix dépasse 12.500 euros le maximum de commission est fixé à 3% du prix de vente réalisé."*

Zënter 2013 hunn sech d'Präisser vun neie Wunnengen (Appartementer) bal verduebelt. Dat geet aus den Zuele vum Observatoire de l'Habitat ervir. Fir d'Immobilienagence ass dës Präishausse vu Virdeel, well si bannent manner wéi 10 Joer hir duerchschnëttlech Kommissioune bal konnte verduebelen, wärend hier Käschte quasi gläich bliwwe sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Fënnt d'Regierung, dass, ugesiichts vun den extreeme Präishaussen um Wunnmarché, den aktuelle Plaffong vun 3% fir Vermëttlungsgebühre misst reduzéiert ginn? Falls nee, wat schwätzt géint eng Reduzéierung vun dësem Plaffong?

2. Wäert d'Regierung d'Vermëttlungsgebühren an Zukunft deckelen, wann d'Präisser um Immobiliëmaart weider esou klammen, wéi an de leschte Joren?

3. Wéi gëtt kontrolléiert, dass Agencen net méi wéi déi 3% Vermëttlungsgebühre froen?

4. Wéi vill Strofe goufen insgesamt ausgeschwat, wou Agence méi wéi 3% Vermëttlungsgebühren akasséiert hunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député